PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
09 AOUT 2019
1049

Lëtzebuerg, den 09/08/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kommunikatioun a Medien weiderzeleeden.**

Mam Gesetz vum 14. September 2018 iwwert eng oppen an transparent Verwaltung, goufen d'Grondlage geschaaft, fir Persounen a Gesellschaften den Accès zu Dokumenter vun enger ganzer Rëtsch vu Verwaltungen ze erméiglechen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Wéi vill Demandë si bis haut op Basis vum Artikel 4 vum Gesetz iwwert eng oppen an transparent Verwaltung agaangen?
- Wéi vill Demandë waren dem Artikel 4 (2) no, ze vill generell?
  Wéi vill vun dësen Demandë goufen doropshi preziséiert a wéi vill sinn opgrond vun enger ze vill genereller Formuléierung verfall?
- Opgeschlësselt nom Grond vum Refus: A wéi vill Fäll gouf eng Kommunikatioun opgrond vum Artikel 1 (2) refuséiert?
- Opgeschlësselt no der Unzuel: Mat wéi enge Modalitéite goufen d'Ufroen, dem Artikel 5 (1) entspriechend, beäntwert?
- A wéi vill Fäll gouf op Basis vum Artikel 5 (2) en Delai fir eng Äntwert verlängert?
  A wéi vill Fäll gouf den Delai vun engem Mount, respektiv 2 Méint, iwwerschratt? Aus wat fir enge Grënn?
- Opgeschlësselt no de Grënn fir de Refus: Wéi vill Refuse gouf et op Basis vum Artikel 7?
- Ass d'"Commission d'accès aux documents" operativ?
  Wa jo, wéi vill Sëtzungen huet se zanter hirer Constitutioun ofgehalen?
  Wann nee, wourunner läit dat?
- Wéi heefeg gouf d'Kommissioun säit hirer Asetzung mat engem Appell saiséiert?
- Gouf an alle Fäll deen am Artikel 10 (2) festgehalenen Delai vun 2 Méint, fir eng Äntwert vun der Kommissioun ze erhalen, respektéiert? Wann nee, em wéi vill Deeg an a wéi vill Fäll gouf dësen Delai depasséiert? Wat waren d'Grënn heifir?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 12 août 2019

Objet : Question parlementaire n° 1049 du 09.08.2019 de Monsieur le Député Sven Clement - Loi relative à une administration transparente et ouverte

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Pour le Président,

Henri Kox
Vice-Président de la Chambre des Députés